WOU ASS D’FRA? – Nicool

Si lo eng Zäit an der Musikszeen bei eis doheem ënnerwee
A begéinen, ob an hannert der Stage, schéi Séilen,
Ech gesinn Disziplin, Leit déi schaffen, ee Projet nom anere rappen, hustlen,
Ech spieren Talent, dass d’Häerz fir d’Musik brennt,
Leit déi ech bewonneren, fierwen ob mech of,
Direkt dobäi gesot, gesinn ech och vill egal wat,
Mä ech mengen 't ass normal,
En gros, awer alles wonnerbar,
Mä wou ass d’Fra? Wou befannen sech d’Mammen?
Wou ass d'Genderfluiditéit?
Den Zuch vun Diversitéit ass zwar gratis hei
Mä leider ze spéit

Wou ass d’Fra? Ech gesinn der schonn e puer, mä dat geet nach laang net duer
Wou ass d’Fra? Ech gesinn der schonn e puer, mä dat geet nach laang net duer

Firwat gëtt et keng Scratch DJ Fra? Firwat ass eng Fra um Bass extra?
Firwat gëtt et bal keng nonbinär Persoun an der Produktioun?
Firwat ass een Typ dee vum Toun?
Firwat?
Firwat?

Ech sichen ech sichen eng Léisung
ass d’Fra nach an der Kichen, ass se dofir spéit un?
Waart, dat war, Rad vun der Zäit, komm dréin drun,
Zäit ass vergaang, iwwermar hu mer d'Léisung
Mir si méi no un der Egalitéit

Engem an d'Wuert falen, een upaken,
Domm Kommentarer maachen,
Laachen aus, iwwer a mat,
Et huet rëm net geklappt
Kann net sinn,
Wéinst Beanträchtegung oder Origine
Rad vun der Zäit komm dréin drun
Wann net haut, dann hu mir iwwermar d’Léisung
Mëssbrauch vu Muecht
Ee briechen, erwiergen, sech net wieren
Schwieren et kengem ze soen
En décke Bauch gutt Nuecht
Jäizen, doheem kräischen
Iwwer Läiche goe fir uewen ze stoen
An dann nach net d'Soen hunn
Keen Vertraue fannen
Méi bausse wéi bannen
Hannert dem Réck vun engem schwätzen, lästeren,

Wéi kënne mir d'Gesellschaft verbesseren?
Hey wéi?
Wou ass d’Fra? Ech gesinn der schonn e puer mä dat geet nach laang net duer
Wou ass d’Fra? Ech gesinn der schonn e puer mä dat geet nach laang net duer

Firwat gesäit ee quasi ni eng Fra ob der Batterie?
Firwat war keen Transmann bäi Wanns de eppes kanns?
Firwat huet een am Booking vill mat Männer ze dinn?
Firwat ass bal keen Dirigent queer?
A wat wär wann et aneschter wier?

Ech hunn eng Visioun
Fra, Mann an all aner Persoun
Ech hunn e Wonsch
Straight queer trans cis
Komm mir maachen all zesumme Konscht

Wou ass d’Fra? Ech gesinn der schonn e puer mä dat geet nach laang net duer
Wou ass d’Fra? Ech gesinn der schonn e puer mä dat geet nach laang net duer
Wou ass d’Fra?
Wou ass d’Fra?
Wou ass d’Fra?
Wou ass d’Fra?